Corps grand-ducal d'incendie et de secours

# NEWSLETTER COVID-19

N° 5 30 avril 2020

## INTRODUCTION

### Madame la ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

**Léif Fraen a Männer vum CGDIS,**

***D'sanitär Kris ëm de Covid-19 hält eis zënter e puer Wochen all an Otem a stellt eis zesumme viru grouss Erausfuerderungen, an dat an enger Form wéi eist Land se nach net kannt huet.***

Lues a sécher versiche mir nees e Stéck Normalitéit zeréckzekréien. Dass mir dëst elo ugoe kënnen, ass nëmme méiglech, wëll mir am Ufank vun der Kris esou konsequent zesumme gehandelt hunn.

Als Regierung si mir eis awer och bewosst, dass den Déconfinement méi schwiereg wäert ginn, ewéi am Ufank erof ze fueren, an dass weider komplex Erausfuerderungen op eis alleguer waarden. Op Basis vun der Entwécklung vun den Zuelen no wëssenschaftlechen Erkenntnisser, wäerte mir d'Situatioun genau am A behalen.

Ech wëll haut awer d'Geleeënheet notzen, fir de professionellen Ëmgang an dat grousst Engagement an dëser aussergewéinlecher Situatioun vu jidder eenzelne vun Iech ze ënnersträichen an Iech dofir Merci ze soen! Et ass wichteg, dass d'Leit wëssen, datt si sech a Krisenzäiten op den CGDIS verloossen kënnen.

Besonnesch bei der Verdeelungsaktioun vun den 3,5 Millioune chirurgesche Masken un d'Personal an d'Bevëlkerung an de Gemeng, hutt Dir en enormen Asaz bewisen. Och wann dës Demande un den CGDIS kuerzfristeg koum a séier huet misste reagéiert ginn, esou ass et awer d'Resultat, dat zielt. Innerhalb vu nëmmen e puer Deeg nodeems de Fliger mat de Maske geland war, sinn d'Masken an alle Gemenge verdeelt ginn. Dat war just méiglech, well mir all zesumme geschafft hunn, an dorop kënne mir houfreg sinn!




Niewent den spezial Missiounen déi den CGDIS während der Kris erfëllt huet, wéi z.B. op der Hotline oder an der Logistik, sinn déi vill aner alldeeglech, an awer dofir net manner wichteg, Asäz ronderëm d'Auer vun iech all garantéiert ginn.

Besonnesch houfreg, an en staarkt Zeeche vun Solidaritéit, ass déi immens Disponibilitéit, vun deene ville Fräiwëllegen. Grad elo, an esou Situatiounen kritt een erëm de Beweis wéi wichteg an néideg d'Volontariat an deem Beräich ass.

Dir hutt an deene leschte Wochen vill Efforte gemaach an Iech an dëse net evidenten Zäiten fir d'Allgemengheet agesat. Dofir wëll ech Iech a mengem perséinleche Numm Merci soen.

## SYNTHESE COVID // LUXEMBOURG




**Source : Santé Dashboard (30/04/2020 - 09h00)**

## 29 avril 2020

## Nbr. Infectés - 3769

## Nbr. Décédés - 89




Corps grand-ducal d'incendie et de secours

# NEWSLETTER COVID-19

**N° 5** — **30 avril 2020**


## SYNTHESE COVID // GRANDE RÉGION

### Wallonie





**Nbr. Infectés - 15.869**


### Rheinland-Pfalz




**Nbr. Infectés - 6029**





### Grand-Est




| | |
|---|---|
| **Nbr. Hospitalisés** | **3987** |
| **Nbr. Soins intensifs** | **573** |
| **Nbr. Diff. Décédés** | **2863** |

### Saarland




**Nbr. Infectés - 2552**

## Fin progressive du déconfinement

Outre le Luxembourg qui sort par phase de son confinement notamment avec la reprise dès lundi du lycée pour les classes de première, certains de nos voisins de la Grande Région suivent une tendance similaire. En France, le début du déconfinement est envisagé pour le 11 mai alors que la Belgique débute par quelques mesures dès le 4 mai. En Allemagne le désamorçage des mesures n'est pas encore décidé.

Corps grand-ducal d'incendie et de secours


# NEWSLETTER COVID-19

N° 5


30 avril 2020

## SYNTHESE OPERATIONNELLE

### ACTIVITE GENERALE - Nombres d'interventions (Total)




### ACTIVITE GENERALE - Nombres d'interventions SAP




Source : OXIO

Corps grand-ducal d'incendie et de secours

# NEWSLETTER COVID-19

N° 5

30 avril 2020


## SYNTHESE OPERATIONNELLE

### Disponibilité des moyens tactiques

La mobilisation est restée comme les semaines précédentes à un niveau exceptionnellement élevé grâce à la mobilisation de tous.


La reprise progressive des activités économiques et scolaires aura sans aucun doute un impact sur ces chiffres dans les semaines à venir alors que l'on peut s'attendre à un retour à la normale du nombre des interventions INCSA.

### TOTAL: 100 (H)LF





Complet = 6 pompiers
Partiel = 5 pompiers
Minimal = 4 pompiers
Incomplet = <4 pompiers

### TOTAL: 22 TMF / DLK




Complet = 2 pompiers Incomplet = <2 pompiers

### TOTAL: 48 RTW / AMB




Complet = 2 pompiers Incomplet = <2 pompiers

Corps grand-ducal d'incendie et de secours


# NEWSLETTER COVID-19

N° 5


30 avril 2020

## SYNTHESE HOTLINE


### ACTIVITÉ DE LA HOTLINE




### RÉPARTITION DES APPELS DEPUIS LE 1ER AVRIL




### RÉPARTITION DES LANGUES DEPUIS LE 1ER AVRIL



## FAITS MARQUANTS DE LA SEMAINE

### RETOUR ENQUÊTE

De 9. Abrëll krut all aktive Pompjee eng Invitatioun via Mail fir een anonymen online Formulaire auszefëllen an esou un enger Enquête deelzehuelen. Et war dem CGDIS am Kader vun der Kris wichteg ee Retour iwwert den Zoustand, Motivatioun an den Engagement vum Personal um Terrain wéi an der Administratioun ze sammelen.

**1172 Membere vum CGDIS hunn un dëser Enquête deelgeholl**, spriech ***28%*** vum operationellem an administrativem Effektiv. Bei der Fro betreffend dem **Niveau vun der Onsécherheet** vum Personal, läit d'Tendenz vum Optimismus bei ***32%***, neutral bei ***31%***. ***88%*** vun de CGDIS Memberen si mindestens esou vill **motivéiert** ewéi virdrun. Um Niveau vun der **operationeller Preparatioun** fillen sech ***49%*** vun de Léit gutt preparéiert mat klengen Zweiwel. Des weidere fillen sech ***38%*** prett. Dorausser schléisst sech dass ***87%*** vun den Agente prett sinn. Zu gudder Lescht, si ***57%*** vun de Participant'en der Meenung dass déi vill Informatiounen nëtzlech a kloer sinn. ***38%*** erkennen dass Quantitéit vun den Informatiounen eng gewësse Schwéierfällegkeet opweist, verhënnert awer net di richteg Ëmsetzung. Niewent der gudder **Diffusioun betreffend Virbereedung vun de Schutzmoossnamen,** hunn ***3/4*** vun de Participant'en uginn, dass se d'Informatioune gutt verstanen hunn.

***D'Resultater vun der Ëmfro sinn analyséiert ginn a stinn Iech elo zur Verfügung :*** *LIEN ENQUETE SUR 112.lu*

### RETEX

Alors que la levée progressive du confinement a débuté depuis le 20 avril 2020, il est nécessaire pour le CGDIS d'évaluer les décisions prises et les actions réalisées dans le cadre de la gestion des conséquences de la pandémie du COVID-19.

Le principe repose sur une analyse précise et détaillée de chaque phase (planification, préparation opérationnelle, conduites opérationnelle et managériale) à travers l'étude des outils (main courante, relevé de décision, points de situation, déroulement de l'évènement, notes de service, etc.) et des entretiens individuels ou collectifs avec les différents membres du CGDIS. Cette analyse nous permettra de tirer des enseignements puis d'adapter ou faire évoluer, notre doctrine, nos processus de planification, de préparation opérationnelle, notre formation, notre organisation managériale, etc.

Elle se réalisera dans le cadre du concept de mise en œuvre du RETEX au sein du CGDIS, dont vous pouvez découvrir les détails via le lien ci-dessous. De plus et compte tenu de la complexité de cet événement, nous serons accompagné pour la mise en œuvre de ce RETEX, d'un organisme externe spécialisé dans l'évaluation de la gestion de crise et en management des organisations.

*LIEN SUR CONCEPT SUR 112.lu*

### LIVRAISON RTW

Nodeems Mëtt Februar schonn 11 RTW'en (Rettungstransportwagen) vun der neier Generatioun geliwwert gi sinn, sinn den 28. Abrëll 8 weider Gefierer vun dem selwechten Typ a Betrib geholl ginn. Fir de «physical distancing», den duerch d'COVID-19 Kris imposéiert gëtt ze respektéieren, sinn d'Ween am Stonnentakt receptionnéiert ginn an déi virgesi Schoulung duerch eng Video Formatioun an d'Ausdeele vun enger Broschür ersat ginn.



*VIDEO AN HANDOUT SINN HEI DISPONIBEL*

Corps grand-ducal d'incendie et de secours

NEWSLETTER COVID-19

N° 5 30 avril 2020

# FAITS MARQUANTS DE LA SEMAINE

## COMOPS

### [ Feu de maison jumelée ]







*Photos : CIS Niederanven-Schuttrange*

De 24. Abrëll am spéide Nomëtten huet ee Jumelé zu Minsbech gebrannt. D'Feier ass op enger Terrasse ugaang éier et iwwer d'Isoléierfaçade bis ob den Dach iwwergegraff huet.
Eng gelongen Erkundung vum éischte COS ob der Plaz huet et erméiglecht de Brand aus zwou Fronten unzegräifen a schnell ënner Kontroll ze kréien. Wärend éischt Binomen iwwer Steckleederen sech een Accès bis op der Terrasse verschafft hunn fir een Ugrëff vu baussen ze maachen, huet ee weidere Binome ënner schwéieren Otemschutz de Brand vu Banne bekämpft. No enger Stonn war d'Feier aus. Et ass kengem eppes geschitt.
Op der Plaz waren de ***CIS Niederanven-Schuttrange, CIS Luxembourg, CIS Mensdorf, CIS Lintgen,*** souwéi de ***Chef de Compagnie aus dem Gruppement Luxembourg.***


### [ Tierrettung Bergem - 24. Abrëll ]





### [ 3x PKW Brand Monnerich - 25. Abrëll ]






*Photos : CIS Mondercange-Reckange/Mess*

### [ Trakterbrand - Feu de Tracteur ]

De 27. Abrëll géint 14 Auer koum et zum Brand vun engem Trakter op engem Feld bei Feelen.

Den Trakter konnt mat 2 Ugrëffer ënnert Otemschutz geläscht ginn, et gouf keng Persoun blesséiert.

Am Asaz waren de ***CIS Feulen*** an de ***CIS Ettelbruck,*** souwéi de ***Chef Peloton aus dem Gruppement Attert.***

*Photos : CIS Ettelbruck*







## INFOS PRATIQUES

### REPRISE STP

Nodeems vum Ministère vun der Santé am Kader vum Deconfinement COVID-19 eng Ouverture vun de Cabinet médicaux erlaabt gouf, wäert de Service santé au travail des pompiers (STP) d'medezinesch Ënnersichunge vum 4. Mee 2020 un nees duerchféieren. Fir di entstane Retarde séier kënnen opzehuelen, goufe d'Consultatiounszaite staark eropgesat.

Op Basis vun enger Decisioun vum Verwaltungsrot ass all Certificat médical d'aptitude (CMA) deen tëscht dem 1. Mäerz a 4. Mee 2020 ofgelaf ass ëm 6 Méint verlängert ginn.

***LINK - WÉIDER DETAILER FANNT DIR AN DER NOTT #COVID10***

### DEPISTAGE COVID

Mir wéilten iech och drop hiweisen, dat all Pompjee an den nächsten Deeg an Wochen Geleeënheet huet, sech an enger vun deene 17 Teststatiounen, déi vun der Regierung ageriicht wäerte ginn, testen ze loossen.
Méi Infos kommen nach no.

***Mir bieden iech bei engem positiven Resultat daat och der Maison Médicale Virtuelle CGDIS vum STP (49771-2494 oder dms-sante@cgdis.lu) matzedeelen.***

### MASQUES DE PROTECTION

***MASQUE CHIRURGICAL? FFP2? FFP3?***



**Am Rettungsdéngscht ginn 3 ënnerschiddlech Zorte vu Masken benotzt.**

Wat sinn d'Eegenschaften an d'Ënnerscheeder vun esou Masken? Wéi ginn déi richteg un- an ausgedoen? Dat alles kritt Dir alles an dësem kuerze Film gewisen.

***LIEN VIDEO***

Corps grand-ducal d'incendie et de secours

# NEWSLETTER COVID-19

N° 5

30 avril 2020

## INFOS PRATIQUES

### CONCEPT GTLF

Ab dem 1. Mee 2020 gëtt de neien GTLF (Grosstanklöschfahrzeug) vum CGDIS a Betrieb geholl. De Won ass am CIS Colmar-Berg stationnéiert an huet mat enger Kapazitéit vun 10.000 Liter Wasser 3 Haaptmissiounen ze erfëllen:

- **grouss Läschwaasserquantitéiten ze transportéieren (Pendelverkéier)**
- **Mise en Place vun enger Wasserentnahmstell**
- **Brandbekämpfung**







***Technësch Donnéeën :***

- Masse maximale: 26t
- Traction: 6x4-4; 3iéme essieu trainé, dirigé et relevable
- Pompe: FPN 10-3000
- Capacité de la cuve d'eau: 10.000 l
- Vidange cuve: 2 vannes déluge et 2 vannes à vidange rapide
- Cabine du type agrès (1+2)

### VIDEO SPORT - 2

Gesond liewen a fit bleiwe fir bei Asätz kierperlech a geeschtlech voll dobäi ze sinn ass fir d'Pompjeeë vum CGDIS liewenswichteg. Dofir bitt den INFS normalerweis all Woch iwwer d'Equipe vu senge Sportscoachen an de Zonë Fitnesscourse fir d'Membere vum CGDIS un. Wou elo jiddereen, fir eng Verbreedung vum COVID-19 ze verhënneren Distanz soll halen, bidde mir Iech hei d'Méiglechkeet fir vun Doheem aus fit ze bleiwen. Dofir fannt Dir ob eisem Youtube een 2. Video vum Sportscoach Gilles Ketter.

***LIEN VIDEO YOUTUBE***

